



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/05/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft, Energie & Digitalisatioun weiderzeleeden.

Ee rezenten Artikel vum 14te Mee 2026 op Heise.de informéiert iwwert potenziell Schwachstellen an der IT-Sécherheet vun öffentleche Luetstationen fir Elektroautoen. Den Artikel verweist op de *Bericht zur IT-Sicherheit der öffentlichen Ladeinfrastruktur* vum Bundesamt für Sicherheit in der Informationstechnik (BSI). Laut dem BSI kéinten onsécher Kommunikationsprotokoller, Software-Schwachstellen a Problemer bei der Zertifikatsverwaltung am schlémmste Fall net nëmmen eenzel Luetstationen, mee d'Stabilitéit vum Stroumnetz beaflossen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Wéi bewäert d'Regierung d'Risiken, déi am BSI-Rapport fir öffentlech Luetinfrastrukturen identifizéiert goufen, am Kontext vum Lëtzebuerger Netz?
2. Wéi eng IT-Sécherheetsufoerderunge gëlle fir öffentlech Luetstationen zu Lëtzebuerg, notamment am Beräich vun der Verschlüsselung, Authentifikatioun an der Kommunikatioun mat Backend-Systemer?
3. Goufen zu Lëtzebuerg schonn IT-Sécherheetsauditen, wéi dee vum BSI, bei öffentleche Luetstationen duerchgefouert, a falls jo, mat wéi engen Haaptresultater?



4. Wéi gëtt verhënnert, datt ëffentlech Luetinfrastrukturen net fir Attacken op aner kritesch Infrastrukture benotzt kënnen ginn, notamment op d'Stroumnetz?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Deputéierten

